

**Journée de la Commémoration nationale**  
**vum 13. Oktober 2019 am Trifolion zu lechternach**

Här President vun der Chamber,  
Här Staatsminister,  
Madame Minister, Dir Häre Minister  
Här Buurgermeeschter, Scheffen a Conseillers  
Dir Dammen an Hären Deputéiert,  
Madame Vize-Presidentin vun der Chamber,  
Här Weihbëschof, Här Dechen,  
Léiw Schülerinnen a Schüler, léiw Museker a Sänger,  
Här Direkter vum lechternacher Kolléisich  
Léiw Kolleginnen a Kollegen  
Léiw Frënn alleguerten,

(1) Här Weihbëschof: Dir hutt de Mueren e Saz geprägt, dee bei mir henke bliwwen ass: *Erënneren, heescht och MERCI soën!* Genau dat! D'Journée de la Commémoration nationale ass deen Dag wou mer Merci soen un all déi, di am Krich sech, jiddereen op senger Plaz, agesat huet fir eist Land a seng Fräiheet!

Här Staatsminister: d'Regierung hat Recht wéi se virun e puer Joer eendäiteg Zeeche fir d'*Reconciliatioun* gesat huet mat der Entschëllegung bei der jiddescher Communautéit an och der Schafung vum *Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale*.

E grouse Merci geet un di dräi éischt Presidenten vum Comité, Albert Hansen, Laurent Moyse a Josy Lorent, déi jiddereen, à tour de rôle, während engem Joer d'Présidence iwwerholl haten. Eise Merci geet och un de Jean-Claude Muller, d'Sandra Neumann an den Daniel Bousser vum Service Mémoire an un d'Beatrice Kirsch an den Yves Arend vum Protocole. E geet awer och un all eenzel *Membre effectif a suppléant* vum Comité fir hiren Enthusiasmus, hir Kompetenz an hiren Engagement!

- Eng éirenamtlech Tâche vum Comité ass d'Sensibilisatioun vum grouse Public an eiser Jugend iwwer den 2. Weltkrich: di aktiv Bedeeligung vu Schülerinnen a Schüler an hiren Enseignantsën, d'lescht Joer am Dikrecher Kolléisich an dëst Joer vum lechternacher Kolléisich bei dëser Feier, ass fir eis en encourageant Beispill. Dëse Festakt hei am Trifolion ass eng Zesummenaarbecht vu Leit vun der 2. ma och 3. Generatioun am Déngscht vun der Erënnerung! En Ärbel voller Merciën fir d'Feier vun haut de Mëtten fannt Der an eiser Brochure, op der leschter Säit.
- Eng 2. Initiativ cum Comité ass d'Rucksaksbibliothéik, déi mer vir déischt am Wolzer Lycée mat vill Erfollech an Intressi organiséiert hunn.
- Mir plangen nach en neie Projet: bei Geleeënheet vum 75. Anniversaire vum Enn vum 2. Weltkrich – den 8. Mee 2020 – gi mir eng Brochure eraus, déi sech haaptsächlech un d'Schülerinnen an d'Schüler vum Secondaire adresséiert. Si wäert d'Situatioun vu Lëtzebuerg virum, während, an nom 2. Weltkrich présentéieren, d'Liewen am Alldag an engem totalitäre Stat, d'Resistenz, di antisemitesch Verfolgungen, d'Zwangsrekrutéierung an awer och d'Kollaboratioun... Dëse klenge fascicule vu 36 Säiten, deen an e puer

Sproochen erauskënnt entsteet, ënnert der Matwierkung vu verschiddene Spezialisten a mat der aktiver Ënnerstëtzung vum *Zentrum fir politesch Bildung*, vum H. Staatsminister an der ganzer Regierung – merci dofir!

Dir Dammen an Dir Hären,

(2) Op der Säit 8 an der Brochure déi Der an der Hand hutt gesitt Dir eent vun den impressionnante Biller vun der Madame Madeleine Weis-Bauler (déi selwer d'Frae-KZ Ravensbrück an duerno Bergen-Belsen iwwerliewt huet): d' Bild wat den Titel dréit *Mahnmal in Oradour-sur-Glane*.

Zu Oradour-sur-Glane a Frankräich, huet den 10. Juni 1944 di 2. SS *Division Das Reich*, e ganzt Duerf massacréiert. 642 Männer, Fraen a Kanner. D'Männer sinn erschoss ginn an di meescht Fraen a Kanner sinn an der Kierch vum Duerf, déi d'SS a Brand gestach hunn, ëmkomm. Wi ech virun e puer Deeg gehéiert hunn dass e Rietsextreme probéiert huet e massemärderescht Attentat op déi Gleeweg an enger Synagog zu Halle ze verüben, hunn ech un Oradour-sur-Glane geduecht...

Et gëtt ëmmer méi klor: de Rietsextremismus ënnerwandert a ville Länner di demokratesch Institutiounen an ass vill méi geféierlech a präsent wéi mer mengen. De 15. Mäerz dëst Joer huet den Attentäter vu Christchurch an Neiseeland 50 Muslimen aus puerem Haass ëmbruecht. Hien hat d'Ënnerstëtzung vu rietsextreme Kreesser aus Europa a schéngt de Mäerder vun Halle inspiréiert ze hunn...

Esou Gedenkzeremonie wéi déi vun haut hunn nëmmen dann e Wäert, wann een se an de Kontext vun haut stellt! Et kéint een de Motto vun der *Journée de la commémoration nationale* sou resuméieren: *Erënnere fir ze verstoen!*

Erënneren heescht aus der Geschicht léieren, oppassen, a sech aktiv asetzen géint all Formen vu Friemenhaass, vun Antisemitismus, vu Verbreede vun Haass a falschen Informatiounen, och an eisem Land!

Wien hätt geduecht, dass d'Universell Déclaratioun vun de Mënscherechter, déi d'UNO den 10. Dezember 1948 am Palais de Chaillot zu Paräis ugeholl hat, haut giww vun autoritären Acteuren op der ganzer Welt a Fro gestallt ginn. En Deel vun Europa ass am gaangen seng eege Geschicht ze vergiessen! An Éisterräich huet am Januar vun dësem Joer den deemolegen Innenminister gesot: „*Das Recht hat der Politik zu folgen und nicht die Politik dem Recht.*“

D'Universell UNO Déclaratioun seet, datt all Mënsche fräi a gläich un Dignitéit an u Rechter gebuer gëtt: wéi kann een do net Parallelen zéien tëscht deene Milliounen vu Mënschen vun *Displaced Persons* an Ost- a Westeuropa nom Enn vum 2. Weltkrich an de Flüchtlingen vun haut, déi op der Sich no Sécherheet sinn, a vun de Rietsextreme verdäiwelt ginn.

(4) Mir hunn all an dësem Sall eng Missioun: mir müssen dofir suergen, datt mer bei der historiescher Wourecht bleiwen a mir müssen oppassen *wat fir* Wieder mer gebrauchen an eisem Schwätzen oder op de *social media*: et ass net egal *wat a wéi* mer eppes soen! Rietsextrem Schlagwieder ënnergruewen d'Wourecht an d'Mënscherechter. Rietsextrem Desinformatioun schaaft fundamentalt Mësstrauen vis-à-vis vun deem Aneren: sie ass de Nährboden vun allen Extremisten.

(5) Mee mir sinn net eleng am Kampf géint den Extremismus, weder heiheem nach am Ausland: mir hunn d'Ënnerstëtzung vu villen nationalen an internationalen Organisatiounen. Ech hu momentan d'Éier fir den informelle Réseau vun de *Comités internationaux des Camps de concentration et d'extermination nazis* ze coordonnéieren: dëst Joer am Mee, hunn 140 Verrieder vun den Internationale Comiteeë vun de fréieren Konzentratiouns- a Vernichtungslager vun Auschwitz, Buchenwald-Dora, Dachau, Flossenbürg, Mauthausen, Natzweiler-Struthof, Neuengamme, Ravensbrück a Sachsenhausen den Appel de Mauthausen un d'Europaparlament ënnerschriwwen. Hei e kuerzen Extrait doraus:

*« En tant que dépositaires de la mémoire des victimes des camps nazis, nous exhortons tous les Européens à résister aux discours de haine, aux idéologies nationalistes, racistes, xénophobes, antisémites, à l'illusion entretenue par des politiciens démagogues selon laquelle leur prospérité et leur bonheur pourraient être fondés sur le rejet de l'autre sous prétexte de son origine ethnique, de ses croyances ou de ses convictions politiques.*

*Nous les invitons instamment à garder à l'esprit les dures leçons de l'histoire du siècle passé et à maintenir vivantes les valeurs de paix, de dialogue, de solidarité, de respect des droits et de la dignité de la personne humaine que nous ont léguées les hommes et les femmes qui sont sortis vivants de l'enfer national-socialiste. (...) »*

(6) D'Membere vun deem réseau sinn d'Zäitzeien, also di 1. Generatioun, ma awer och, an ëmmer méi, di 2., 3. an di 4. Generatioun. Jo grad di jonk Generatiounen wëlle wësse wat war an och wat dat haut fir si bedeit. En Deel Enwert fir jonk Leit ass vläicht am Message, deen italiensch Jugendlech virun e puer Joer un di europäesch Jugend geriicht hunn. Hei ass en:

- Wiert lech géint d'Gläichgülttegkeet an de Konformismus! Stitt op a bezitt Positioun!
- Wann Der net wëllt, datt anerer an Äerer Plaz wichteg Decisiounen huelen, da huet eng aktiv Roll am Alldag an!
- Léiert all Formen vu Rassismus, vun Diskriminatioun, vu Machtmëssbrauch a vu Gewalt erkennen a schafft aktiv dergéint!
- Setzt lech an fir d'Wäerter vun der Demokratie, vun eiser Verfassung an eise Fräiheeten a widderst lech allen autoritären Tendenzen!
- A virun allem: loosst net zou, datt Männer a Fraen verfollecht ginn wéinst hirer Origine, hirem Gender, hiren Iddien oder hirem Glawen!

Guy Dockendorf  
guy.dockendorf@culture.lu